den Worfkuur mam Patrick Steenhout

Haut Samsdes den 2. Mée 2015 huet op der Buurschtermillen um Camping um Gritt den Worfkuur vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg stattfond. Et haten sech éng 25 Méckenfëscher anfond fir ënnert der Leedung vum Patrick Steenhout, mat der Ënnerstetzung vum Ludo an vum Armin, hir individuell Fähegkeeten an Worftechniken ze verbesseren. All Joërs op een Neist bid eisen Club séngen Memberen dës Geleenheet un an wann een gesäit mat eweivill Ansatz an Äifer d´Fëscher hei zu Wierk gin dann versteet een virwat och den Worfkuur fest an eisem Joresprogramm verankert ass. Dodernieft bid sech hei och d´Geleenheet fir Unfänger fir sech mat Hëllef vun professionnellen Instrukteren un d´Méckenfëschen erun ze taaschten. Esou haten sech dann och dëst Joër erëm ee puer Fëscher anfond fir hir éischt Schrëtt als Méckenfëscher ze maachen, ewoubäi erfreelecher Weis och zwou Dammen dëst Joër den Kuurasch fond haten fir sech dëser Erausfuerderung ze stellen. Las gaangen ass et andeems den Patrick Steenhaut éng kléng Anleedung gin huet, Hien huet d´Grondbegrëffer an d´Haltung beim Werfen erklärt an demonstréiert, dat heescht den Patrick huet erklärt an den Ludo huet déi eenzel Grëffhaltungen vun der Méckenstaang demonstréiert.



No der Anféierung mat den Grondbegrëffer sin dun déi eenzel Leit an Gruppen angedeelt gin. Den Ludo huet d'Unfängergrupp iwwerhol, den Patrick huet déi Grupp mat den Fortgeschrattenen begleed an den Armin huet sech ëm eis Memberen gekëmmert déi op den Saumon fëschen gin an dobäi op Zweehandstaangen zeréck gräifen.

Den éischten Grupp mat den Unfänger huet ënnert der Leedung vum Ludo déi éischt Schrëtt an Gréffhaltungen geléiert ewoubäi den Ludo d'Féierung vun der Worfhand ënnerstetzt huet fir dass d'Unfänger iwwerhaapt eemol een Gefill sollten dofir kréien ewei wäit Sie hannen an vir dierfen mat der Worfhand erof goën an och an ewei éngem Rhythmus den Worf ausgefouert gët. Déi éischten Schrëtt hun Sie och nëmmen mat wéineg Schnouër ausgefouert.

Am zweeten Grupp mat den Fortgeschrattenen ass et haaptsächlech ëm Effiziens an Fäinofstëmmung gaangen, andeems den Patrick all eenzelen Werfer genee analyséiert huet konnt Hien unschléissend Hëllefstellungen beim Timing oder och

nach bei der Gréffhaltung gin. Op Wonsch hin huet Hien och speziell Techniken ewei den Rollworf oder och nach den Doppelzuuch erklärt an demonstréiert.

Den Armin sénger Säits hat sech den Spezialisten ënnert eisen Memberen ungehol déi all Joërs op den Saumon fëschen gin. Dës Schoulung huet mat der Zweehandrut stattfond an et wor schon ganz impressionant Hinnen dobäi no ze kucken. Den Worf mat der Zweehandrut ass éng ganz anner Technik ewei mat der Eenhandrut an wann een Hinnen nogekuckt huet dann konnt een méngen dass dat schon bal vum selwen géif goën mée genee ewei mat der Eenhandrut geet et och hei drems fir séng Schnouër ze beherrschen an wéineger mat Kraaft ze agéieren ewei vill méi den Schwong vun der Schnouër auszenotzen. Natiirlech spillt och beim Worf mat der Zweehandrut den Équipement éng grouss Roll an dofir probéieren eis Memberen och Dësen bestäenneg ze optiméieren. Esou gesin wor den Worfkuur och éng gudd Geleenheet dat neit Équipement an der Praxis ze testen.







Eis Worfkuuren hun ënnert der strenger Opsiicht vum Yvon an vum Erny stattfond an natiirlech stuungen Sie och mat Rot an Doot zur Säit fir deem Éngem oder Annerem op d´Sprëng ze hëllefen.

Ewell den Worfkuur bei formidabelem Wieder stattfond huet, hun mir dun och no déier viller Aarbecht dovunner profitéiert fir den Apéro op der Terasse vum Keller beim Roy ze huelen an unschléissend hun mir dun och déi verlueren Kalorien erëm séier eran gehol.

Eisen Worfkuur wor och dëst Joër erëm éng grouss Beräicherung vun eisem Joresprogramm an huet an énger formidabeler Ambiance stattfond, wor den Patrick sénger Säits een ganz eeschten Léiermeeschter, huet den Ludo den Kuur vun den Unfänger och eemol mat éngem klengen Witz oder éngem komeschen Geste opgelackert an dem Armin säin Kuur huet direckt praxisorientéiert am Waasser stattfond. Jidvereen huet probéiert méiglechst vill dobäi ze léieren an ee puer vun eisen Fëscher hun dann och Mëttes direckt dat Geléierten beim Waasser probéiert ëmzesetzen an sin nach ee bëssen fëschen gaangen. Ofschléissend freën mir eis elo op den 9. Mée ewou eis déi nächsten Sortie op Lacroix – sur - meuse bei den Bruno féiert, hei ewou mir och schon esou munesch schéin Amenter konnten verbréngen an sécher bid sech do dann och d´Geleenheet fir déi nei Verbesserungen vun eisen Worfkënschten och dierfen an d´Praxis ëmzesetzen.